Correspondance : John SCHLENTZ ff.
81, rue Michel Rodange L-4482 Soleuvre, courriel : news@cbcbm.info
Compte bancaire : BGL BNP PARIBAS LU 55 0030 2538 9176 0000
RCSL N° F5283

CERCLE BOULISTE ET CULTUREL BELVAUX-METZERLACH a.s.b.l.
http://www.cbcbm.lu/

Belvaux-Metzerlach, den 29. März 2024

# Mot du Président AG 2024

Mme Buergermeeschter, Memberen aus dem Schäffen an Gemengeroot, Eierepräsidenten vum CBCBM, Präsident vum Supporterclub, Präsident vun FLBP, Verainsvertrieder, leif Eieregäscht, leif Memberen an Spiller vum „Cercle Bouliste et Culturel Belvaux-Metzerlach" a.s.b.l. gegrönnt 1964, leif alleguer wou hei versammelt sin virun der Ouschtervakanz.
Et ass mär eng Freed an Eier Iech op onser **59 „Generalversammlung fir den Public"** begreissen ze können. Ween 59 heiert, denkt automatesch un **60**, esou war et jo ömmer **an der Schoul**. Nee, mee hai denken mer un **onsen 60ten Anniversaire** deen mer döst Joer feieren wärten a wou mer speider drop zereck kommen. Elo schons e ganz groussen Merci fir är Generositéit bei den Dons .

Eng AG ass jo fir e klengen Réck- an awer och en kuerzen Ausblöck ze woen, esou wei mer dat deelweis schons op onsem traditionellen **„Pot du Nouvel An 2024"** gemaach hun, an deen döst Joer rekordmeisseg besicht war.

Bei enger Famill vun iwer 700 Lait wou onsen Verain möttlerweil zielt, sin natiirlech och dei eng oder aaner Oofgäng ze verzeechnen wat nöt ausbleift, mee virum allem wölle mer kurz un all deijeneg denken dei all dei Joeren un deem **Konstrukt vun onsem Verain** matgewierkt an eng Hand mat ugepaakt hun, a besonnesch un deijeineg wou ons lescht Joer a bis **virun kurzem verlooss hun**.

Et waren dat **ons Loisirsspiller** MULLER Gaby an PLEIN Henri, an elo virun 2 Wochen den Roland Schockmel.
Bei onsen laangjähregen **Eierememberen** war et ,, Mme Holcher Amélie, Här Coljon Armand , Wangen Guy, Feliciana Cattani wat als Kand schons gehollef huet,de Schaul Jeannot an elo virun 2 Wochen den René Matzet, Member, ehemolegen Kassenrevisor an freieren Wirt vun onser „Taverne Boulevue". Un Si all wöllen mer besonnesch denken an der Hoffnung, dass ech keen vergiess hun.
-moment de silence-

Onsen Verain, deen steteg a Beweegung ass an ömmer zu naien Défien bereet ass, huet lescht Joer an Zesummenaarbecht mat sengem „Supporterclub" onzieleg Projeen realiseiert a

weidergedriwen, ech denken do besonnesch un **Moderniseierung vun onser „Taverne Boulevue"**



**63 Manifestatiounen** an 365 Deeg woren op onsem Manifestatiounskalenner, deen mer eegen fir onsen wonnerbaren Site hei erstallt hun. Et waren dat mol kleng Gruppen wei , zb. wou mer Stömm vun der Stroos, Autisten, Zolver Jugendmusik, , Vakanznometteger, dei mer hei empfaangen an deelweis enkadreiert hun. Nöt ze vergiessen en onvergiesslechen Daag mat ären Lait vun der Gemeng deenen mer och en Turneier organiséiert haaten an döst Joer eremkommen.
Doriwer eraus hu mer awer och ons traditionnell Petanque Concouren organiseiert an do stöcht natierlech virun allem ons alljährlech „**Fête de la Pétanque**" dei iwert Grenzen eraus bekannt ass, an och international Spiller unzitt.
Iwer 600 passionéiert Petanque Spiller, sief et Kompetitiouns wei och Loisirsspiller hun söch während 4 Deeg Hand gin . Spiller vun Düsseldorf, dem Aarthal, den sämtlechen Nopeschlänner hun söch hei afonnt gehaat an **onsen Minett mam Site Belval resp. Staat Letzebuerg keene geleiert.**

Durch den Asaatz vun onsem Verain konnten der „INTERNATIONAL POLICE ASSOCIATION" nöt manner ewei 1700 Euro fir e gudden Zweck, deen lescht Joer der „association victimes de la route" gegönnt war, iwerwisen gin.

All dei Erausfuerderungen können nömmen mat enger gudder , dynamescher ,struktureierter an motiveierter Equipe duerchgefouert gin. Avis aux amateurs.

Demgemäss hun och verschidden Kompetitionsspiller vun ons, Weimerskirch Lea, den Bertemes Arthur, an Rollandt David, eng **Arbiteschformatioun bei der FLBP** gemaach.

An der Onmeiglechkeet der Nofroo vun den Vakanznometteger nozekommen, ass e flotten Projet mat der naier **Sportscoordinatrice vun der Gemeng Suessem** an Liewen geruff gin. An Zesummenaarbecht vum Gaby Klees, Spillerin vun onsem Verain, Tim Laterza, momentane Jugendspiller vum Riganelli Esch, Adrien Daunois, Nationalspiller an der FLBP hu mer eng kleng Formatioun fir Personal vun der Gemeng Suessem organiseiert fir als „**Multiplicateurs**" vun der Petanque ze dingen. Demgemäss können Si helefen der zukünfteger Generatioun Petanquespill ze vermöttelen.

Um Kongress vun der FLBP goufen Verainer opgeruff jonk Lait ze motiveieren, wat leider nöt einfach ass an onser heuteger schnellliewender an hektescher Welt.
Zweemol de Mount fannen Samstes mueres fir Kanner a Jugendlecher hei am „Boulodrome National" **Traininger** statt. Villes keint een awer do an de **Schoulen bewirken**, zemols wou Kanner ömmer mei Stonnen an den „Maisons Relais „ sin an iwert deen Wee, Spaas un der Petanque fannen keinten.

Vill Lait entdecken no hirer Sportscarriere dei ronn eisen Boull vun 700g ereischt, Grond firwat den **„joueur licencié loisir"** en regelrechten Boom erlieft, nöt manner ewei 17 nai Loisirsspiller sin weider zenter dem 1ten Januar an onsen Verain komm. (haut360)

Obschons Loisirspiller, sichen Verschiddener vun hinnen awer dei eng oder aaner Loisirskompetition ze maachen. wei zb. lescht Joer zu Bertrang, Redange/Attert /, Arsdorf fir nömmen dei ze nennen. Op all deenen Manifestatiounen sin ons Loisirsspiller als spillereschen Gewönner ervirgaangen. **Bravo kann een do eisen Loisirsspiller soen.Deemno droen och Si esou Petanque mein no un Populatioun weider.**

Obschon eischter hei den sozialen a mei leschtegen Komponent zielt, wiesselen verschidden Loisirsspiller an den Kompetitiounsniveau eriwer wat och Ziel an Grondidee vun onsem Eierepräsident war.

„Summa sumarum" hun lescht Joer wait iwer 40.000 Lait, jo Där heiert richteg, gerechent mat enger Daagesmoyenne vun 150,(wat bei waitem önnerdriwen ass) den Ablöck op onsem Site genoss, vun onsen Installatiounen profiteiert, wat natiirlech och en wahnsinnegen Oenerhalt bedarf.
Do kann a muss een e ganz groussen Luef un ons Gemengenverantwortlech, mat deenen mer en ausgezeechenten Kontakt pflegen, ausschwätzen. Ons doléancen, wei zb. Installatioun vun engem défibrilateur, en Traapengelänner, Oennerhalt vun onsen Anlagen asw, gin am D-Clic erleedegt. **E ganz groussen MERCI un är Lait.**

Do zeien ech elo nach grad e klengen Projet aus der Täsch deen ech un är Servicer weidergin hun, an zwar fir 12 (Tableaux de marques) fir dass een ömmer wees weivill et steet, maachen ze loossen. Et ass dat naischt wat grouss an Suen schléit, naischt Elektronesches, mee einfach hölzen Pannoen waat een am Atelier probleemlos maachen keint. Nöt mei speid ewei geschter sin ech och schons telefonesch kontakteiert gin.
**E groussen Merci un de Schäfferot fir dei mei ewei seier a positiv Aentwert.**
**Demno eng Politik vun den kuerzen a schnellen Weer**

Repräsentativ waren mer och op deenen eenzelnen Korteger resp. Manifestatiounen vun der Gemeng Suessem derbai.
**E groussen MERCI gölt awer och onsem Supporterclub, deen ons tatkräfteg a besonnesch finanziell ganz Joer iwer önnertötzt.**

Um kompetitiven Niveau, wou onsen Sekretär mei an den Detail geet, ass och vill geschafft a geleescht gin, och wann um **sportlechen Niveau nach Loft no uewen ass.**

**Freed**, söch quasi all Weekend op enger aanerer Plaatz, mat aaneren Spiller a Lait vun allen Nationalitéiten ze treffen, Kompetitioun ze spillen an duerno ze , diskuteieren, ze analyseieren, ass dach eppes Scheines, eppes Soziales, eppes op dat een söch **freen soll a kann.**

Jo, onsen a vill aaner Verainer sin am groussen Ganzen e **„Rettungsanker"** fir vill Lait vun onser Gesellschaft deen ömmer mei gesicht gött.

Fir all dei Lait ze enkadreieren, Manifestatiounen ze leeden, Fester ze organiséieren, brauch een motiveiert Lait an dei gin ömmer mei rar.

Vill ass schons driwer geschriwen a geschwaat gin, zemols jeweils virun den Wahlen.
Wär et nöt eng gudd Idee, wann zb. Gemengen oder dei responsabel Ministèren de Verainer giffen Bonificatiounsgeständnisser maachen., zb. als Ureegung.. Kinostickeen , Tickéen Musiksconcerts,e genre chèques bénévolats asw. wann Jugendlecher oder aaner Benevoler helefen, bref do keint ganz Villes bewegt gin.

A wann een als Verain VILLES bewegt, dann ass et och nöt schweier fir Sponsoren ze fannen. Esou huet döst Joer Firma **Luxcontrol** ons Vertrauen geschenkt, neierdengs Firma **METALICA aus ESCH** an och elo Firma **URBAN Concept**, nieft all onsen Sponsoren dee schons zenter Joeren ons Vertrauen schenken wei **„Taverne Boulevue", „Laet Impress", Agce „Elsa Home", MATHEY Mazout, an ATS Cranes.**
Gären a gudd schaffen Si mat ons zesummen.

Mär, Där , all zesummen sollen mer un engem gemeinsamen Strang zeien an op den 60ten Anniversaire zousteieren.

**Programme des festivités du 60ième anniversaire du CBCBM**

Lundi, le 20 mai **« INTRACLUB »** en tàt pour « joueurs licenciés **compétition** »

**Fête de la Pétanque 2024**

Mercredi, le 26 juin / 18.00 heures « **Réception officielle avec les notabilités** »
Vin d'honneur et apéritif avec animation musicale « Zolwer Knappbléiser »

Jeudi, le 27 juin 14.00 heures /Concours doublettes pour licenciés loisirs/compétitions de **plus 55 ans**
Jeudi, le 27 juin 18.00 heures / Concours IPA sur invitation

Vendredi, le 28 juin 19.00 heures, **Concours nocturne national et international en doublettes**

Samedi, le 29 juin / 14.30 **Concours doublettes pour licenciés loisirs et s/invitation**

Dimanche, le 30 juin 14.00 **Championnat National luxembourgeois Belvaux-Lasauvage**
Dimanche, le 30 juin 14.00 Championnat **Promotion luxembourgeois**

Villes keint ech nach zielen, mee meng Zait ass eriwer , dofir kucken mer voller Kraaft an Freed no vir op onsen 60ten Anniversaire, deen döst Joer gefeiert gött.

MERCI all onsen Benevolen,merci Iech all am Numm vum „Cercle Bouliste et Culturel Belvaux-Metzerlach".

## A wei soot de Papp zu sengem Jong?

**« Les boules, c'est comme les femmes, quand elles te sourient, il faut y aller.**
**Si tu attends, ils sera toujours trop tard »**

Patrick Majerus
Président

Nos sponsors :

www.luxcontrol.com http://taverneboulevue.lu www.urbanconcept.lu www.elsahome.lu

www.mathey-mazout-luxembourg.lu www.ats-cranes.lu https://metalica.lu